Text: Ingrid van der Kley

Op der Sich no de Spueren an Iwwerreschter vun der Industrie an der Stad

Laang iert d'Stad Lëtzebuerg de Sëtz vun den europäeschen Institutiounen an eng dichteg Finanzplaz gouf, sinn net wäit ewech vun de Wunnhaiser, d'Handwierker an hiren Atelieren, d'Geschäftsleit an hire Butteker an d'Mënschen an de Fabriken, hirer Aarbecht nokomm. Laanscht d'Uelzecht hu sëlleg Mille bestanen, vun der *Pottschampsfabrik* am Rollengergronn, der *Händschefabrik* am Gronn an der *Muerbelsmillen* am Pafendall weess haut nach esou munnechen eelere Mënsch e puer Geschichten ze verzielen. D'Handwierk an d'Industrie hunn uechter d'Joerhonnerten zum Wuelstand, awer och zur Identitéit vun der Stad bäigedroen a Produiten entwéckelt, vun deenen der e puer iwwert d'Grenzen eraus bekannt gi sinn.

Wou fënnt een d'Informatiounen iwwer déi verschidden Industrieberäicher?

Eng wäertvoll Quell fir ons Industriegeschicht ass d'Internetplattform www.industrie.lu, opgesat a permanent aktualiséiert vum Jean-Marie Ottelé.

Hien zielt haut zu de wichtegsten Experten, wann et ëm d'Erënnerung un den industrielle Patrimoine vu Lëtzebuerg geet. Hien huet et sech zur Aufgab gemaach, d'Gesellschaft fir d'Bedeitung vun eiser industrieller Traditioun an der Industriegeschicht ze sensibiliséieren.

Déi fréier Schräinerei Drescherhaus zu Dummeldeng - eng gelongen Reconversioun vum Industriepatrimoine an der Stad.

Foto: Patrick Muller © Ville de Luxembourg

©Ingrid van der Kley

De Jean-Marie Ottelé mat engem Teller vum *Pescatore*.

E Gespréich mam Jean-Marie Ottelé vun der industrie.lu a.s.b.l.

Wat waren d'Ufäng vum Industriezäitalter an der Stad Lëtzebuerg a wéi huet d'Industrie sech entwéckelt?

D'Festung an de Besoin u Waasser huet laang Zäit eng grouss Contrainte fir d'Betriber bedeit. Duerfir hunn sech d'Millen, d'Gierwereien, d'Faïencerien, d'Textilfabricken, d'Brauereien an éischt Schmelzen an den Däller laanscht d'Waasser niddergelooss. Déi maschinell Produktiounen an der Stad ware gréisstendeels vun der Wand- a Waasserkraaft ofhängeg. Duerch d'Aféiere vu „modernen" Energieformen am 19. Joerhonnert, virun allem Damp a spéider d'Elektrizitéit, konnt d'Industrie sech méi fräi entwéckelen.

1859 krut d'Stad dunn d'Eisebunn an nom Londoner Vertrag vun 1867 sinn d'Festungsmauere lues a lues verschwonnen. D'Bild vun der Stad huet sech dorobber hin enorm verännert. Dacks hunn Entrepreneuren dem Staat fréier militäresch Anlagen ofkaaft. Ee Beispill: An der Kasär Marie-Thérèse war de La Panama ënnerbruecht, eng Fabrik, déi Hitt aus Stréi produzéiert huet. *

Nom Bau vun der Neier Bréck konnt de Plateau Bourbon erschloss ginn. An der Stad war elo méi Plaz fir representativ Gebaier mat deenen ee wollt en Zeeche setze fir Fortschrëtt an Entwécklung, industriell Muecht an déi modern Zäit. Dat weist ë. a. dat monumentaalt Verwaltungsgebai vun der fréierer *ARBED* um Plateau Bourbon.

Wéi eng bekannt Produiten a Marke kommen Iech spontan an de Kapp, déi an der Stad „gebuer" sinn?

Nimm wéi *Berl, Villeroy & Boch, Heintz Van Landewyck, Krikox* oder *Paul Wurth*. Hir Produkter „Made in Luxembourg-City" ware wäit iwwer d'Grenze vum Land eraus geschat, kaaft an a grousse Quantitéiten exportéiert ginn. Dat gëllt och fir d'Rouseproduktioun mat risegen Zären ë. a. um Lampertsbierg, vu wou aus bis zu 10 Millioune Rousestäck am Joer an d'Welt eraus verschéckt goufen.

Déi wuel architektonesch schéinste Fabrik war d'Hännschefabrik vum Albert Reinhard am Gronn. D'Grënnung vum Betrib geet zréck op 1882. Haut ass vun hier leider just nach ee klengt Stéck iwwreg. Lëtzebuergesch Händsche si bis an

© industrie.lu

Dës al Kuelenhal vun der fréierer Eecher Schmelz waart nach op eng nei Aufgab.

„Seit einigen Tagen befindet sich eine Succursale der Merscher Hutfabrik im früheren Arsenal - Gebäude in Luxemburg. Kinder, Greise und schwächliche Personen, die zu keiner sonst ermüdenden Arbeit fähig sind, können sich mit etwas Übung dem Hutflechten unterziehen. Außer den Häusern in Mersch und Lintgen beschäftigt die Succursale in Luxemburg schon jetzt nicht weniger als 132 Kinder und wird deren bald 200 beschäftigen können; ... Der Absatz nach dem Auslande ist gesichert und daher wird diese Industrie einer schönen Zukunft entgegensehen…"

Extrait Luxemburger Wort (30.6.1869) / www.industrie.lu

E Radio vun der Firma *Ducal*

© industrie.lu

Zwou lëtzebuerger *Pepsi*-Fläschen (1949 an 1969)

© industrie.lu

Amerika verkaaft ginn. 1925 woren hei am Gronn eng ronn 1.000 Leit beschäftegt. 1941 goufen déi deemoleg Proprietären, d'Famill Geiershöfer, vun den Nazien enteegent. Zwee Kanner haten et 1940 nach an den Exil an d'USA gepackt, den Här Sigismund Geiershöfer net. Hien ass 1944 zu Auschwitz gestuerwen. D'Fabrik huet am Krich Gasmaske produzéiert. Haut sinn do keng Aktivitéite méi, dofir awer chic Wunnengen, matzen am Gronn laanscht d'Uelzecht, mat spektakulärer Vue op den Naturmusée an d'Abtei Neimënster.

Dir sidd leidenschaftleche Sammler. Wat sinn Är Liblingsstécker aus der Stater Produktioun?

Ganz frou sinn ech mat enger Serie Telleren aus Porzeläin vu *G. Pescatore, Fabricant de Fayence* aus der Faïencerie vun Eech, gegrënnt vum Théodore & Guillaume Pescatore um Site vun der spéiderer Eecher Schmelz am Joer 1830. Al Radioe vun de Marken *Ducal* a *Jibelux*, déi éischt *Pepsi*-Colasfläsch, déi an der Fabrik op der Helfenterbréck agefëllt ginn ass (et ass och nach Cola dran!) oder och nach Moschterdëppercher vu *Moutarde Royale* vun Hollerech ...

Besonnesch faszinant fannen ech Lëtzebuerger Produkter, déi, wéi de *Bic* oder och nach wéi *Jeep* vum Verbraucher generiséiert gi sinn. Een esou e Produit ass de *Piwel*, de Schwämmchen aus Stolwoll, deen et haut nach ëmmer am Handel gëtt.

Villäicht erënnert deen een oder anere sech nach, wann d'Bom sot: Et blénkt ewéi mat Scarabée gewichst! Dat war déi beléift Wichs, oder och nach Liederfett oder Tënt, déi am Rollengergronn produzéiert gouf.

Eng kleng Anekdot: 2009 war ech op engem Futtball Match zu Diddeleng an op der Präislëscht an der Buvette hunn ech *Krikox* (Bouillon) entdeckt – obwuel d'Fabrik zanter de siwwenzeger Joren hier Dieren zougemaach hat, hunn d'Leit hire Bouillon nach ëmmer *Krikox* genannt.

Ass gewosst, wéi eng Industrie déi eelst aus der Stad ass?

Vun de Firmen déi et hautzedaags nach ginn, misst et Heintz Van Landewyck sinn, déi 1847 eng artisanal Tubaksproduktioun an der Neipuertsgaass an der Stad gestart hunn.

D'Firma *Paul Wurth* ass zënter 1870, deemools nach ënnert dem Numm *Kesselfabrick Eugène Muller*, zu Hollerech aktiv.

Berl ass och eng Firma déi et zanter langem gëtt: 1872 huet de Jonas Mayer (de Betten-Mayer) an der Stad eng Fabrik gegrënnt (Fabrique de meubles d'acier *Berl & Cie*). De Betrib war ugangs an der Reiterkasär am Pafendall ënnerbruecht. No engem Brand, ass Berl 1882 an hir nei Fabrik op der Gare, niewend der Schampesfabrik *Mercier* geplënnert. No 1937 waren si zu Zéisseng. Déi al Berl-Fabrik op der Gare gouf 1948 ofgerappt fir

Scarabée Schongwichs Collection: industrie.lu

Krikox Collection: industrie.lu



Collection: industrie.lu

Déi fréier Brauerei Mousel - eng weider Reconversioun vu Industriepatrimoine an der Stad.

dem *Accinauto*-Gebai Plaz ze maachen. Zënter 2002 ass *Berl* op hirem neie Site zu Conter. Nach haut ginn do Deeler aus Metall hiergestallt.

Zanter wéini sinn industriell Gebaier a Gefor a firwat?

An der Stad sinn déi industriell Aktivitéiten an de siechzeger a siwwenzeger Jore massiv zréckgaangen. Op hir Plaz koume Banken, Assurancen a Fiduciairen. Am Ausland goufe riseg Fabricke gebaut. Op der Streck bloufen déi kleng Produktiounen hei am Land. Wat bleift sinn d'(Reschter vu) Maueren an hir Geschicht(en). Déi dierfen net all verschwannen! Aktuell a Gefor ass de Site vun der fréierer Schmelz zu Dummeldeng, d'Wandmillen am Kriepsgrënnchen um Belair - e Symbol fir d'Iwwergangsphas tëscht Handwierk an Industrialiséierung!

Här Ottelé, wéi eng Wierder falen Iech spontan zum Theema Industrie beim Wuert Zukunft an?

„D'industriellt Ierwe soll net nëmmen als Relikt vun der Vergaangenheet verstane ginn, mee als Fundament fir d'Zukunft. An enger Zäit, an där Digitalisatioun a kënschtlech Intelligenz eis Aarbecht, eist Liewen an eis Stied grondsätzlech veränneren, steet och Lëtzebuerg virun enger Entscheedung: Wëlle mir eng Stad mat Charakter, Geschicht an Identitéit – oder eng, déi hire Charme zugonschte vu kuerzfristegem Gewënn verléiert? D'Äntwert dorop wäert bestëmmen, wéi eis Haaptstad muer ausgesäit."

Industrie.lu

Eng digital Schatzkummer fir Lëtzebuerg an iwwert d'Grenzen eraus

Wat als perséinleche Projet ugefaangen huet, ass am Laf vun de Joren zu engem vun de gréissten digitalen Archiven iwwer d'lëtzebuergesch Industrie ginn.

Industrie.lu, dat ass en Internetsite mat iwwer 14.000 Themesäiten, ronn 65.000 Fotoen an Dokumenter, a méi wéi 270.000 intern Hyper-Links, déi eng Geschicht a Geschichten dokumentéieren, déi soss am Schied vu Monumenter an historeschem Patrimoine géinge vergiess ginn. Ënnerstëtzung kënnt vun engem breeden Netzwierk u GeschichtsfrëndInnen, HistorikerInnen, FuerscherInnen a SammlerInne mat Recherchen an Objeten aus ëffentlechen a privaten Archiven.

industrie.lu ass domat vill méi wéi eng Datebank – et ass en Appell, ons industriell Vergaangenheet als Deel vun onser kollektiver Identitéit ze verstoen an ze erhalen, fir dass se net verluer geet! De Site gëtt gréisstendeels duerch privat Bäiträg finanzéiert an ass op Donen (steierlech ofsetzbar) ugewisen.

Kontakt Jean-Marie Ottelé
Tel.: 621 648 343
E-mail: info@industrie.lu

Bibliographie

Ottelé, Jean-Marie: www.industrie.lu

Pauly, Michel: Buch „Die Geschichte der Stadt Luxemburg in 99 Objekten", 2. Auflage

Eva Jullien, Dissertation „Die Handwerker und Zünfte der Stadt Luxemburg im Spätmittelalter"

Ingrid van der Kley

ass Werbetexterin, Vintage-Fan a begeeschtert vu Stad, Land a Leit